



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 20. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

D'Madamm Ëmweltminister huet rezent zesumme mat enger Ekipp vun hire Fonctionnaires eng Rei Visitte queesch duerch d'Lëtzebuenger Land ënnerholl, fir sech am Gespréich mat de betraffene Leit op der Plaz e Bild vun den Héichwaasserschied vum Summer 2021 ze maachen a fir potenziell weider preventiv Moossnamen ze evaluéieren.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob d'Resultater vun dëser Tour an engem schrëftleche Rapport festgehale ginn, wéi wäit déi geäussert Doléancen a Virschléi vun de Bierger hei mat afléissen an ob si virgesäit, der Chamber eng Kopie vun dësem Rapport zoukommen ze loossen?
- 2) Sou wéi et mir zougedroe gouf, huet d'Madamm Minister wärend där genannter Tour och d'Méiglechkeet ugeschwat, fir op der Héicht vu Bettenduerf e Réckhaltebecke fir d'Sauer ze schafen. Kann d'Madamm Minister déi Informatioun bestätegen a falls jo, matdeelen, a wéi engem Stadium dëse Projet aktuell drun ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten